LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n° 4964 vum 20. Oktober 2026 vun der honorabler Deputéierten Stéphanie Weydert.

De "Comité des usagers des transports publics" gouf am Joer 2023 no engem "Appel à candidatures" nei zesummegesat. Dësen Appel gouf vun der Verwaltung fir den ëffentlechen Transport (ATP) organiséiert. D'Neibesetzung erfollegt op Basis vum "*Règlement grand-ducal du 25 octobre 2017 modifiant le règlement grand-ducal modifié du 9 juillet 2007 déterminant la composition et les modalités de fonctionnement du comité des usagers de transports publics"* souwéi vum Artikel 16 vum Gesetz vum 5. Februar 2021 iwwer den ëffentlechen Transport virgesinn.

Geméiss dëse gesetzleche Bestëmmungen assuréiert d'ATP déi organisatoresch an technesch Ënnerstëtzung vun dësem Comité. Zu den Aufgaben vun der ATP zielen ënner anerem d'Bereetstelle vun engem Reuniounssall, d'Gestioun vun enger digitaler Austauschplattform an enger spezifescher Mailbox, souwéi d'Koordinatioun vum Ersatz vu "*Membres effectifs"* duerch "*Membres suppléants"* am Fall vun engem Récktrëtt.

De Comité setzt sech aktuell aus 12 Memberen zesummen. Wéi schonn am viregte Comité ass d'Mandatsdauer op fënnef Joer festgeluecht a kann eemol verlängert ginn.

Wéi dacks ass de Comité des usagers des transports publics zanter senger Neibesetzung am August 2023 zesummekomm?

Zënter senger Neibesetzung am August 2023 ass de Comité, no den Informatiounen vun der ATP, insgesamt 16 Mol zesummekomm.

Mat wéi enge konkreten Themen a Problematiken huet sech de Comité zanterhier beschäftegt?

Dem Mobilitéitsministère an der ATP sinn, op Basis vun den Aktivitéite vum Comité, ënner anerem follgend Themen a Problematike bekannt:

Iwwert seng Mailbox huet de Comité eng Rei Reklamatiounen an Uleies vu BenotzerInnen vum ëffentlechen Transport un d'ATP weidergeleet. Dobäi gouf, jee no Fall, ëm eng Äntwert, ëm e Weiderleede vun der Demande un déi zoustänneg Autoritéit oder ëm eng Klärung vum Uleies gebieden.

De Comité huet sech mat verschidden Acteuren aus dem Beräich vum ëffentlechen Transport getraff, fir e besseren Abléck an hiert Fonctionnement an hir Aktivitéiten ze kréien, sech iwwer geplangten Entwécklungen auszetauschen an déi jeeweileg Positiounen ze diskutéieren. An dësem Kader hunn notamment Reunioune mat den Direktioune vun der ATP a vun der CFL stattfonnt, souwéi och mat VertriederInnen vum Mobilitéitsministère an der AVL.

De Comité huet verschidden Avisen am Zesummenhang mam Schinneverkéier ausgeschafft, dorënner zu Froe betreffend dem Zougang zu den Zich fir Vëlosfuererinnen a Vëlosfuerer souwéi fir Persoune mat ageschränkter Mobilitéit.

De Comité huet sech zudeem mat der Mobilitéitsoffer am Kanton Réiden befaasst an an deem Kontext konkret Verbesserungsvirschléi fir den RGTR formuléiert.

Déi opgelëschten Theme stellen nëmmen en Deel vun den Aktivitéite vum Comité duer, op Basis vun den Informatiounen a Compte-renduen, déi der ATP virleien. De Comité ass en onofhängegen Gremium a kann sech am Kader vu sengem gesetzleche Mandat mat deene Sujeten a Froestellungen ausernaanersetzen, déi e fir pertinent hält.

Wéi eng Avisen, Recommandatiounen oder Proposen huet de Comité zanter August 2023 ausgeschafft? Kann d'Madamm Ministesch eng Opstellung dovunner matdeelen?

Op Ufro vum Institut luxembourgeois de régulation (ILR) huet de Comité am Joer 2025 en Avis am Zesummenhang mam Schinneverkéier ausgeschafft. Am August 2026 huet den ILR de Comité op en Neits ëm eng Stellungnam zu dësem Sujet gebieden. Den Comité war tëschent dem 5. Februar 2026 an 28. Oktober 2026 ouni Präsident*in an domat temporär handlungsonfäeg. Dëst huet dozou gefouert dat bis zum haitegen Zäitpunkt nach keng Äntwert un den ILR iwwermëttelt ginn ass.

De Comité huet wéi an der Äntwert op d'Fro 2 schonn erwäänt och Recommandatiounen zur Verbesserung vun der Mobilitéit am Kanton Réiden ausgeschafft an dës der ATP virgeluecht.

De Comité huet sech zudeem mat der Applikatioun Mobiliteit.lu befaasst a Feedback ginn, déi op eng weider Optimisatioun vun der App ofzilen.

Wéi eng vun dëse Recommandatiounen a Propose goufe bis elo vum Ministère respektiv vun der Administration des transports publics opgegraff oder ëmgesat? Wéi eng sinn nach an der Analyse?

D'Recommandatioune vum Comité fir de Kanton Réiden goufe vun der ATP opgegraff an am Detail analyséiert. Am Kader vun dëser Analys goufen ënner anerem déi aktuell Notzung vun den RGTR-Linnen an der Regioun souwéi d'Mobilitéitsbedierfnesser am Kanton ënnersicht, fir ze bewäerten, ob dëst eng nei Offer rechtfäerdegt an ob d'Käschten, déi domat verbonne wieren, am Verhältnis zum erwaarten Notze stinn. D'ATP huet dem Comité no dëser Analyse eng schréftlech Stellungnam zur Ëmsetzbarkeet vun de jeeweilege Virschléi zoukomme gelooss.

De Feedback vum Comité zu der App Mobiliteit.lu ass och opgegraff, analyséiert an ëmgesat ginn, wann en eng reell Verbesserung fir d'Applikatioun duergestallt huet.

Aner Virschléi betreffe Beräicher, déi net an de Kompetenzberäich vum Mobilitéitsministère oder vun der ATP falen a goufen un déi zoustänneg Acteure weidergeleet. Op Basis vun dësen Evaluatiounen ass bis ewell nach keng vun de virgeschloene Mesuren ëmgesat ginn.

A wéi engem Mooss gëtt de Comité aktiv an d'Planung an d'Weiderentwécklung vum nationalen ëffentlechen Transport agebonnen, wéi zum Beispill de PNM2040? Bei wéi enge konkrete Projeten oder Reformen ass de Comité zanter August 2023 consultéiert ginn?

De Comité gëtt net automatesch bei all Planung vum nationalen ëffentlechen Transport mat agebonnen, kann awer zu all Moment zu de verschiddenen Sujeten op déi jeeweileg Acteuren duergoe fir säin Avis oder Verbesserungsvirschléi ofzeginn.

Bis ewell gouf de "Comité des usagers" am Kader vun zwou Initiative vun der ATP consultéiert an ëm eng Stellungnam gebieden.

Am Joer 2024 gouf de Comité am Kader vum Pilotprojet vun de QR-Code-Plaquetten an der Nordstad agebonnen. D'Membere vum Comité haten d'Méiglechkeet, hir Bemierkungen a Kommentare schréftlech anzereechen. Zousätzlech gouf hinnen e Questionnaire zur Verfügung gestallt, deen et erlaabt huet, anonymiséiert Feedback zum Projet ofzeginn.

Am Joer 2025 gouf de Comité an d'Testphas vun der neier Mobiliteit.lu-App mat agebonnen. Am Kader vun engem Workshop haten d'Membere Geleeënheet, hir Observatiounen a Verbesserungsvirschléi mat Hëllef vun engem Feedback-Formulaire anzereechen.

Déi agereecht Bemierkungen a Propose goufen analyséiert a sinn, souwäit dëst ënner Berécksiichtegung vun de funktionellen, techneschen an operationelle Gegebenheete méiglech war, an d'Weiderentwécklung vun der App agefloss.

Ginn d'Avisen, d'Recommandatiounen an d'Rapporte vum Comité ëffentlech zougänglech gemaach? Falls net, ass virgesinn, dës Dokumenter an Zukunft ze publizéieren, fir d'Transparenz iwwer d'Aarbecht vum Comité ze stäerken?

D'Avisen, Recommandatiounen a Rapporte vum Comité ginn aktuell net systematesch ëffentlech publizéiert. Et steet dem Comité awer fräi, eng Veröffentlechung vu sengen Dokumenter ze decidéieren. Als onofhängege consultative Gremium kann de Comité och op eegen Initiativ iwwert seng Aarbecht informéieren.

Lëtzebuerg, den 13. November 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes